Corps grand-ducal d'incendie et de secours

# NEWSLETTER COVID-19

N° 1

3 avril 2020

## INTRODUCTION

**Paul Schroeder**

Directeur Général

### Léiw fräiwëlleg an haaptberufflech Mataarbechter vum CGDIS




Seid gutt 6 Wochen hält déi sanitär Kris eist Land an domat och de CGDIS an Otem. Seid dem 16. Mäerz huet d'Regierung en Confinement vun der Bevëlkerung decidéiert. Dem CGDIS seng Aktivitéite konzentréieren sech haut komplett ronderëm déi operationell Missiounen a gi vum COVID19 dominéiert. D'läscht Woch hunn ech de Plan d'opérations an deem Kontext un all d'Kadere vum CGDIS verschéckt an deen Dir op eiser Internet-Säit noliese kënnt: **https://112.public.lu/fr/publications.html**

Am Kader vun der COVID19-Kris ass et eis Aufgab, sécherzestellen, dat mir all eis Missiounen ausféiere kënnen, dat mer d'Evolutioun vun der Situatioun antizipéieren an esou de Fonctionement vum CGDIS sécherzestellen.

Dofir hu mir eis operationell Prozeduren ugepasst a net wesentlech Aufgaben agestallt oder reduzéiert, mam Zil all eis Personal, egal op operationell, administrativ oder technesch, beschtméiglech ze schützen.

All eis Aktioune sinn drop ausgeluecht, de CGDIS och an der Dauer asazfäeg ze halen, d'Consignë betreffend d'Ausbreedung vum Virus strikt anzehalen a sécherzestellen, dat mer zu all Moment genuch Schutztenuen a Maske fir eis Leit zur Verfügung hunn.

De CGDIS ass enk an der nationaler Gestioun vun dëser Kris agebonnen. Sief dat um Niveau vun deene verschiddene Cellules de crise, an der Gestioun vun der Hotline oder vum nationale Stock vum Material oder och nach bei deene verschiddene Solidaritéitsaktioune mat eise franséische Noperen.




Am Moment hu mir bedéngt duerch de Confinement ronn 9% manner Asätz wéi an der nämmlechter Zäit am leschte Joer. Bedéngt duerch déi aussergewéinlech Mobilisatioun vun eise Leit hu mir déi immens grouss Majoritéit vun eisen asaztaktesche Gefierer besat a si prett falls et duerch de Virus zu enger Erhéijung vun den Asätz virun allem am Ambulanzberäich sollt kommen.

Fir dat Dir informéiert sidd iwwert d'Aktivitéite vum CGDIS en Relatioun mat der COVID19-Kris a fir Iech och déi wichtegst Informatiounen an Entwécklunge matzedeelen hu mir dës Newsletter ausgeschafft, déi mir Iech ab elo all Freide wëllen zoukomme loossen.

Dëst ass alles nëmme méiglech duerch dat aussergewéinlecht Engagement vu jidder Eenzele vu Iech. Ären Asaz gëtt och vun allen Acteure mat deene mir zesummeschaffen unerkannt a gelueft. Wa mir all wieder esou mobiliséiert bleiwen an zesummenhale wäerte mir dës Kris bewältegt kréien.


**Passt op Iech an är Famill op a bleift alleguer gesond!**

Corps grand-ducal d'incendie et de secours


# NEWSLETTER COVID-19

N° 1 3 avril 2020

## SYNTHESE COVID




**01.04.2020**
**Nbr. Infectés - 2319**




Avec les mesures de confinement on constate que le nombre de cas se stabilise. Continuez à respecter les consignes de distinciation physique!
**#BleiftDoheem**


Corps grand-ducal d'incendie et de secours

# NEWSLETTER COVID-19

N° 1 — 3 avril 2020


## SYNTHESE COVID

### Wallonie





**01.04.2020**
**Nbr. Infectés - 4220**

### Rheinland-Pfalz





**02.04.2020**
**Nbr. Infectés - 3132**





### Grand-Est

**01.04.2020**
**Nbr. Infectés - 9924**




### Saarland

**02.04.2020**
**Nbr. Infectés - 1020**





## SYNTHESE OPERATIONNELLE


### Evolution des appels à la Hotline gouvernementale (8002-8080)

**Coordonné par le CGDIS**

Mise en place initialement dans les locaux du Stumper, la hotline gouvernementale est dorénavant installée dans des locaux mis à disposition par le groupe POST à Gasperich. On relève des pics importants d'appels au moment des annonces gouvernementales avec un pic le jour de l'annonce du confinement. Entretemps le nombre d'appels journaliers s'est stabilisé autour de 1000. Le CGDIS coordonne la hotline qui est armée par du personnel volontaire de différentes administrations et ministères et avec en permanence la présence de représentants de la direction de la santé, du ministère de l'économie et de psychologues afin de pouvoir à tout moment répondre aux attentes du public.




Corps grand-ducal d'incendie et de secours

# NEWSLETTER COVID-19

N° 1 3 avril 2020


## SYNTHESE OPERATIONNELLE

### ACTIVITE GENERALE - Nombres d'interventions (Total)




Depuis le début du mois de mars l'activité opérationnelle journalière du CGDIS reste stable avec cependant une légère tendance à la baisse par rapport à 2019 depuis la décision d'un confinement national tombée le 16 mars. Il est à relever que le type d'intervention évolue avec notamment un nombre d'interventions INCSA (Incendie-sauvetage) bien inférieur aux niveaux habituels (-9%).

### ACTIVITE GENERALE - Nombres d'interventions SAP




De manière identique on voit au niveau des interventions SAP (Secours à personne) que l'activité opérationnelle est en baisse depuis le confinement ordonné le 16 mars.
Le nombre d'interventions #COVID ou #I3 ne dépasse pas encore les 20 unités par jour ce qui permet grace à l'exceptionnelle mobilisation des volontaires et professionnels du CGDIS d'assurer dans l'état actuel une parfaite couverture nationale.

Source : OXIO

Corps grand-ducal d'incendie et de secours

# NEWSLETTER COVID-19

N° 1

3 avril 2020


## SYNTHESE OPERATIONNELLE

### Disponibilité des moyens tactiques

Du fait de l'exceptionnelle mobilisation des pompiers volontaires et professionnels du CGDIS on voit que l'ensemble du pays a pu s'appuyer durant la seconde quinzaine du mois de mars sur un POJ (potentiel opérationnel journalier) assez exceptionnel.


La mise en place au sein du CGO d'une cellule « suivi des effectifs » documentant l'intégralité des absences du personnel tant professionnel, volontaire qu'administratif permet de faire un suivi détaillé par zone et par CIS des manques de personnel potentiels et de réagir rapidement en cas de besoin.

### TOTAL: 100 (H)LF





Complet = 6 pompiers
Partiel = 5 pompiers
Minimal = 4 pompiers
Incomplet = <4 pompiers

### TOTAL: 22 TMF / DLK




Complet = 2 pompiers
Incomplet = <2 pompiers

### TOTAL: 48 RTW / AMB




Complet = 2 pompiers
Incomplet = <2 pompiers

Corps grand-ducal d'incendie et de secours

# NEWSLETTER COVID-19

N° 1 3 avril 2020

## FAITS MARQUANTS DE LA SEMAINE

### Verleeung vu Coronavirus-Patienten aus Frankräich a lëtzebuergesch Spidoler



De Corps grand-ducal d'incendie et de secours gouf den 1. Abrëll am Enn vum Moien vun der Cellule de crise chargéiert, den Transfert vu 4 Patienten aus Thionville ze assuréieren an esou d'Spidoler an der Regioun Grand-Est ze entlaaschten. Dës Missioun gouf vum Directeur de secours médicaux vum CGDIS aus dem Centre de Gestion des Opérations (CGO) eraus, esou wéi vum Dispatcher vum CSU112 an dem CSU 112 an enker Zesummenaarbecht mat der Agence Régionale de Santé Grand Est an dem SAMU 57 koordinéiert. Den Transport gouf vun zwou Ambulanze vum CGDIS, déi jeeweils mat zwee Pompjeeën an engem Infirmier SAMU besat waren, assuréiert. Eng vun den Ambulanze war och drop spezialiséiert Reanimatiouns-Patienten ze transportéieren. Eng wieder SAMU Ekipp bestehend aus engem Chauffeur an engem Médecin spécialiste en anesthésie réanimation huet den Detachement vervollstännegt.

### Aféierung vun engem Dispatcher um CSU-112

Seid dem 27. Mäerz funktionéiert um CSU112 de sougenannten Dispatching vun de Patienten op déi verschidde Spideeler. Dëse gouf agefouert fir sech op déi steigend Unzuel vu COVID 19 infizéierte Leit zu Lëtzebuerg virzebereeden. Doduerch dat d'Aktivitéit fir d'AMB/RTW'en a SAMU'en wei awer och an de Spideeler riskéiert an d'Luucht goen, ass eng intelligent Gestioun vun eise Ressourcen esou wei vun den Intensivbetter an de Spideeler ëmmer méi wichteg. Am Optrag vun der Cellule de crise vum Gesondheetsministère huet de CGDIS déi zentraliséiert Gestioun vun de fräie Better an d'Verdeelung vun de Patienten op di eenzel Kliniken dëst iwwer en nationale Monitoring vun den zur Verfügung stoende Kapazitéiten iwwerholl. Dës Gestioun gëtt iwwer eng nei Funktioun, den «Dispatcher» (Dokter oder Infirmier), gemaach deen extra fir dës Missioun 24



Stonnen op 24 Stonnen um CSU 112 present ass. Déi operationell Detailer heizou stinn an der Note de service #6 vum 27. Mäerz 2020.

### Weider Stäerkung vum Service d'Aide Médicale Urgente (SAMU)



Am Dezember gouf eng nei Konventioun tëschent dem Staat, der LAR an dem CGDIS ënnerschriwwe fir ab dem 1. Mee e 5. SAMU vum Findel aus ze bedreiwe mat engem Equipage vun der LAR. Bedéngt duerch d'COVID19-Kris hunn d'LAR an de CGDIS alles dru gesat fir dat dësen zousätzleche SAMU schonn ab dem 1. Abrëll operationell ass fir esou déi SAMU-Equippen déi an de Spideeler stationéiert sinn, ze entlaaschten.

**Zesummefaassend huet Lëtzebuerg zur Zäit folgend 5 SAMU Vektoren**

| | |
|---|---|
| 1 | SAMU terrestre am CIS Hesperange |
| 1 | SAMU terrestre am Hôpital de garde vun der Stadt Lëtzebuerg (CHL ou HOKI) |
| 1 | SAMU terrestre am CHEM (Esch-sur-Alzette) |
| 1 | SAMU terrestre/héliporté am CHDN zu Ettelbrück |
| 1 | SAMU héliporté um Findel (LAR) |

Corps grand-ducal d'incendie et de secours

# NEWSLETTER COVID-19

N° 1 3 avril 2020

## INFOS PRATIQUES

### absences@cgdis.lu

Suivi vun den Absencen vu professionnel, administrativ/technesch a volontaire Membere vum CGDIS.

All Member vum CGDIS, ob professionell, administrativ/technesch oder volontaire Member muss sech (am Viraus) ofmellen wann hien net kann schaffen kommen oder um aktiven Déngscht deelhuelen kann, wéinst Congé de maladie, Congé pour raison familiale, Auto-Isolement oder Auto-Quarantaine, an zwar op der Telefonsnummer:

**49771-9150 (9:00 an 15:00 Auer 7/7) oder iwwer Mail: absences@cgdis.lu**

Wann dir d'RHen iwwer dës Mailadresse kontaktéiert, schreift w.e.g. äert Uleies, de Betreff, an kommunizéiert ons an der Mail w.e.g. folgend Donnéeën:

Matricule CGDIS, Numm a Virnumm, ob Dir professionellen oder volontairen Pompjee sidd, oder zum administrativ/techneschen Staff gehéiert. Desweideren, bis wéini Dir viraussiichtlech net disponibel sidd. Vergiesst net och ären Supérieur hiérarchique, Chef CIS oder Chef GIS ze informéieren!

D'Mailadress rh@cgdis.lu soll de Moment net benotzt ginn fir Krankmeldungen oder Absencen!

Wann Dir erëm disponibel/gesond sidd, sollt Dir ons och w.e.g. iwwer de selwechte Wee kontaktéieren.

Bei medezineschen oder administrative Froen kënnt Dir Iech iwwer déi selwecht Telefonsnummer oder Mailadress mellen. D'RHen respektiv Dokteren vum STP ginn Iech schnellstméiglech eng Äntwert.

**112.lu**

Aktualiséiert operationell Informatiounen ronderëm de COVID-19 sinn a gebündelter Form um Site vum CGDIS **(https://112.public.lu/fr/Coronavirus.html)** ze fannen.

Medizinësch Rotschléi fir Memberen vum CGDIS
De Service de Santé au Travail (STP) bitt ab elo ee Service fir déi fräiwëlleg a beruflech Pompjeeën vum CGDIS un, fir medezinesch Rotschléi am Zesummenhang mam COVID-19 an dëst am Kader vun hirer Aktivitéit als Pompjee ze ginn (Symptomer, richtegt Verhalen no engem Kontakt, asw.).
**Dëse Service mécht keng medezinesch Consultatiounen (keng Krankeschäiner, keng Ordonnancen, asw.) an ass just fir d'Memberen vum CGDIS. Telefon: 49771-9150**

Ännerung vum Gardeplang vun de Spideler an der Stad. Ab dem 1. Abrëll ginn d'Gardepläng vun de Spideler an der Stad och adaptéiert, an CHL an HRS wiesselen sëch all Dag mam Dingscht of

**(OPGEPASST: DAT GËLLT OCH FIR DE WE).**

| Avril 2020 7H00 - 7H00 | | | Mai 2020 7H00 - 7H00 | | |
|---|---|---|---|---|---|
| Mer | 01 | Garde CHL | Ve | 01 | Garde CHL |
| Je | 02 | Garde HK | Sa | 02 | Garde HK |
| Ve | 03 | Garde CHL | Di | 03 | Garde CHL |
| Sa | 04 | Garde HK | Lu | 04 | Garde HK |
| Di | 05 | Garde CHL | Ma | 05 | Garde CHL |
| Lu | 06 | Garde HK | Mer | 06 | Garde HK |
| Ma | 07 | Garde CHL | Je | 07 | Garde CHL |
| Mer | 08 | Garde HK | Ve | 08 | Garde HK |
| Je | 09 | Garde CHL | Sa | 09 | Garde CHL |
| Ve | 10 | Garde HK | Di | 10 | Garde HK |
| Sa | 11 | Garde CHL | Lu | 11 | Garde CHL |
| Di | 12 | Garde HK | Ma | 12 | Garde HK |
| Lu | 13 | Garde CHL | Mer | 13 | Garde CHL |
| Ma | 14 | Garde HK | Je | 14 | Garde HK |
| Mer | 15 | Garde CHL | Ve | 15 | Garde CHL |
| Je | 16 | Garde HK | Sa | 16 | Garde HK |
| Ve | 17 | Garde CHL | Di | 17 | Garde CHL |
| Sa | 18 | Garde HK | Lu | 18 | Garde HK |
| Di | 19 | Garde CHL | Ma | 19 | Garde CHL |
| Lu | 20 | Garde HK | Mer | 20 | Garde HK |
| Ma | 21 | Garde CHL | Je | 21 | Garde CHL |
| Mer | 22 | Garde HK | Ve | 22 | Garde HK |
| Je | 23 | Garde CHL | Sa | 23 | Garde CHL |
| Ve | 24 | Garde HK | Di | 24 | Garde HK |
| Sa | 25 | Garde CHL | Lu | 25 | Garde CHL |
| Di | 26 | Garde HK | Ma | 26 | Garde HK |
| Lu | 27 | Garde CHL | Mer | 27 | Garde CHL |
| Ma | 28 | Garde HK | Je | 28 | Garde HK |
| Mer | 29 | Garde CHL | Ve | 29 | Garde CHL |
| Je | 30 | Garde HK | Sa | 30 | Garde HK |
| | | | Di | 31 | Garde CHL |